



solle mat deem Produit, ech nennen dee Produit déi Fondation patrimoniale, mir solle mat där erauskommen, wann d'Situatioun sech stabiliséiert huet, well da kënne mer de Clienten, potenzielle Clienten eppes ubidden, wat d'Strooss hält.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ech hunn nach Wuertmeldung vum Här Fayot.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*). - Jo, Merci, Här President. Ech géif just gär ganz kuerz goen op eppes, wat de Spriecher vun deene Lénke gesot huet, dee gemengt huet, e misst eiser Fraktioun hei eng Recommandation de vote ginn zu dësem Projet. Ech géif dozou gär zwou Saa-che soen.

Déi éischt, dat ass, dass d'LSAP vu kengem eng Recommandation de vote muss kréien. Mir wësse ganz genee, wat mer maachen op all Projet de loi.

An dat Zweet, wat ech géif gär soen, dat ass, dass mer, wann een da probéiert hei, eis op eiser Lénker ze iwwerhuelen, da muss ee sech awer och e bësse méi genee mat deene Projeten auserneesetzen. An da muss ee sech och seriö domadder auserneesetzen. Ech géif dem Här Wagner gär soen, dass déi Promoteuren, déi déi Fongen hei opleeën, dass déi reglementéiert sinn ënnert der Direktiv AIFMD. A wann en e bësse Gediechtnes huet, da kann e sech och vläicht erënneren, dass déi Direktiv net schrecklech populär war a Finanzkreesser.

Dat ass en zimleche Quantesprong an der Reglementatioun vun den alternativen Investissementer. An dat huet mat sech bruecht, dass déi Leit an déi Promoteuren, déi déi Produiten do opleeën, éischter vill méi seriö reglementéiert sinn, wéi dat virdrun de Fall war. An deen eenzelne Standard, dee mer elo hei aféiere mat dësem Produit, wou just nach de Gérant, de Promoteur reglementéiert gëtt, dat ass en europawäiten. An ech mengen net, dass mer domadder hei e Produit schafen, deen net seriö ass an deen eng LSAP net kéint matdroen.

Voilà. Ech wollt just dat soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Mir sinn um Enn vun den Diskussiounen ukomm. An ech géif lech proposéieren, fir d'Éischt elo iwwert dëse Projet ofzestëmmen an dann op dee viregte Projet zrëckzekommen.

Domat d'accord?

(**Assentiment**)

Merci. Dann huele mer de Projet de loi 6929.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6929 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6929 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

**5. 6969 - Projet de loi relative à la profession de l'audit portant:**

**- transposition de la directive 2014/56/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 modifiant la directive 2006/43/CE concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés;**

**- mise en œuvre du règlement (UE) n°537/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux exigences spécifiques applicables au contrôle légal des comptes des entités d'intérêt public et abrogeant la décision 2005/909/CE de la Commission;**

**- modification de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep;**

**- modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;**

**- abrogation de la loi modifiée du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit (suite)**

An da komme mer op dee viregte Projet zrëck. Dat ass de Projet de loi 6966. An... 6969, entschëllegt! 6969!

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6969 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

An de Vott ass unanime defir.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6963, wou et ëm eng Moderniséierung vun der Prozedur fir d'Taxe-d'abonnemente geet. An, wéi kéint et aneschtens sinn, eisen Abonnements-rapporteur vun haut, den Här André Bauler, huet d'Wuert!

## 6. 6963 - Projet de loi

**- portant introduction en matière de taxe d'abonnement de l'obligation de dépôt électronique des déclarations par les organismes de placement collectif et les fonds d'investissement;**

**- modifiant la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;**

**- modifiant la loi modifiée du 21 ventôse an VII relative à l'organisation de la conservation des hypothèques;**

**- modifiant l'article 2200 du Code civil; et**

**- abrogeant l'article 2201 du Code civil**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. André Bauler** (*DP*), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg a richtig, dass ee vu menge Virriedner, de Laurent Mosar, och nach emol drop higewisen huet, dass eis Statsfinanze staark ofhängeg si vun eiser internationaler Finanzplaz. An duerfir musse mer effektiv alles drusetzen, fir op déi technologesch Entwécklungen op dësem Feld schnellstméiglech ze reagéieren.

D'Stéchwuert ass hei d'Digitaliséierung an hir Konsequenzen. Dorëms geet et och bei dësem Gesetzesprojet. De Gesetzesprojet, zu deem ech lech elo e ganz kuerze mëndleche Rapport maachen, reit sech effektiv an d'Efforten an, déi gemaach ginn, fir am Kader vun der Simplification administrative, der administrativer Vereinfachung ze agéieren, a méi genau wat déi elektronesch Deklaratioun vun der sougenannter Taxe d'abonnement ugeet.

De Gesetzesprojet mat der Nummer 6963 gouf den 3. Mäerz 2016 vum Finanzminister déposéiert. Den 29. Februar, et war e Schaltjoer, hat d'Chambre des Huissiers hiren Avis zum Gesetzestext schonn ugeholl. D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 17. Mäerz guttgeheescht, d'Chambre des Notaires den 23. Mäerz an d'Chambre des Salariés huet dëst de 4. Abrëll gemaach. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics datéiert vum 19. Abrëll, dee vun der Chambre de Commerce vum 21. Abrëll. De Statsrot huet de Gesetzestext elo de 5. Juli aviséiert an do konnte mer relativ séier schaffen an der Cofibu, a mir hunn de schrëftleche Rapport den 8. Juli guttgeheescht.

Här President, vu dass de Gesetzestext vun de Mëtten nëmme véier Artikelen huet, ginn ech op déi eenzel Ännerungen an.

Artikel 1, hei geet et ëm d'Deklaratioun vun der Taxe d'abonnement. Ab dem 1. Januar 2018 mussen déi trimestriell Deklaratiounen fir d'Fonds d'investissement spécialisés a fir d'Organismes de placement collectif obligatoresch iwwert den elektronische Wee déposéiert ginn, esou wéi dat elo scho bei der TVA de Fall ass.

Dëst mécht d'Liewe souwuel vun de Verwaltungen wéi och vun den Akteure vun der Finanzplaz méi einfach, andeem ee sech vun engem grouse Volume vu Pabeier befreit. Bei der Société de patrimoine familial, esou gouf eis nach eng Kéier an der Kommissioun gesot, bleift den Dépôt weider och iwwert de klasseche Wee, de Pabeierwee, wann een dat esou soen däerf, méiglech. Et ginn dann awer och nach e puer weider Upassungen gemaach, dat well verschidde Regëster iwwert den elektronische Wee gehale ginn.

Den Artikel 2 betrëfft déi intern Prozedure vun der Enregistrementsverwaltung. Hiert Gesetz gëtt geännert, dat well d'Pabeierregëstere ofgeschafft ginn.

Den Artikel 3 handelt iwwert d'Conservation des hypothèques. Dëse Regëster gëtt dann och elo elektronesch gefouert.

An dann zum Artikel 4, deen de Code civil op zwou Plazen ofännert. Hei gëtt de Registre de dépôt och sous forme électronique gehalen. De Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) wäert hei e sougenannten Dépôt électronique sécurisé maachen.

Här President, et ass noutwendeg, d'Simplification administrative och am Finanzberäich widerzeféieren, d'Dematerialisatioun vun de Prozeduren, déi d'Informatik an d'Digitalisatioun méiglech maachen, widerzedreien. An duerfir kann een eigentlech dësem Gesetzestext nëmmen zoustëmmen.

Dat gesot, ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Mosar.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*). - Merci och nach eng Kéier. Den Här Bauler huet de Mëtteg den „grand chelem“ gemaach, géife se am Tennis soen, dräi grouss Rapporte gemaach, a besonnesch dee leschten, dee vläicht net spektakulär ass, ass extrem wichteg. Et ass e ganz, ganz technesche Projet.

Hien huet eis deen, wéi gesot, nach eng Kéier ganz flott am Detail hei virbruecht, soudatt ech net méi ganz vill dobäizesetzen hunn a just och nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun dozou bréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Da ginn ech dovun aus, dass et um Här Bodry ass.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Jo, Här President, ech mengen och, ech bräicht net weider hei auszuhuelen zu deem heite Projet. Mir hunn en

an der Kommissioun diskutéiert a mir waren al-leguerten domat averstanen.

Ech géif och den Accord vun der LSAP-Fraktioun erabrénge.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Merci, Här President. Hei bei deene Gréngen ass et genau d'selwecht. Et ass alles gesot. Et bleift der grénger Fraktioun, den Accord zu dësem Projet de loi ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ech ginn dovun aus, dass mer dann um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun sinn an den Här Finanzminister huet d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances.* - Jo, Merci. Ech freeë mech natierlech, dass mer iwwert dëse Projet e Konsensus hunn. Just e puer Wuert. Mat deem heiten Text maa-che mer eng Dematerialisatioun vun der Taxe d'abonnement. Dat ass gutt fir den Environnement. Dat ass gutt fir d'Effikassitéit vun der Administratioun. Dat geet alles méi séier. An dat ass eng modern Saach.

Ech wëll och der Administration de l'Enregistrement et des Domaines félicitéieren, well dat eng vun deenen Administratiounen am Stat ass, déi am meeschten op d'Elektronik gesat huet scho säit Joren, an dofir eng vun deenen effikasssten am Land ass.

Ech wëll jo net onbedéngt dem Här Mosar widersprieche, vu dass mer allen zwee Tennisfrënn sinn, an ech wëll natierlech dem André Bauler Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, mä leider, André Bauler, ass et net en „grand chelem“ et ass en „petit chelem“, well wann een der dräi mécht, ass dat en „petit chelem“. Fir den „grand chelem“ muss een der véier hannertenee maachen. Dat ass da fir eng aner Kéier.

(**Hilarité**)

► **Une voix.** - Mä et léiert een awer ëmmer bäi.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6963.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6963 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 59-mol Jo, also Eestëmmegkeet.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6963 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Taina Bofferding), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps, Claude Lamberty (par Mme Joëlle Elvinger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An da géife mer zum Projet de loi 6972 iwwergoen, eng Transpositioun vun der Direktiv iwwert den automateschen Austausch vun Informatiounen am fiskale Beräich. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Eugène Berger.